

LU-Décryptage: Europäeschen Emissiounshandel an Tripartite-Accord

Den Tripartite-Accord tëscht der Regierung, dem Patronat an de Gewerkschaften LCGB an CGFP gesäit eng ganz Partie Mesure vir. Wéineg Opmierksamkeet kréien dobäi d'staatlech Hëllef, déi grouss Betriber mat héijem Zäregasausstouss am Kader vum Europäeschen Emissiounshandel solle kréien. Des Mesure steet awer exemplaresch fir dësen Accord, mat dem d'Käschten vun der Energiekris vun de Salariéen, Rentner, Rentnerinnen, jonke Stagiairen an Auszubildenden ausgeläffelt ginn. Grouss Betriber maachen iwwerdeems Rekordgewënner a kréie bei de Léin a beim Klimaschutz kräfteg vum Staat ënnert d'Äerm gegräff. Fir déi Léin ass evident: bei dëser Mesure stinn all d'Luuchten op rout! déi Léin erklären hir Opposition zu dëser Mesure an dëser Analys iwwer den Emissiounshandel.

Wat ass den Europäeschen Emissiounshandel?

Den Europäeschen Emissiounshandel ass eent vun de Kärstécker vun der liberaler Europäescher Klimapolitik. Dëse System besteet aus zwee zentralen Instrumenter: Eischtens bestëmmt en de Präis vun enger Tonne CO₂, déi an d'Atmosphäre geblose gëtt. Zweetens leet en e Gesamtvolumen un Emissioun fest, déi an enger bestëmmter Period an d'Atmosphär geblosen dierf ginn. Dëse Volumen soll vu Joer zu Joer reduzéiert ginn, fir dass den CO₂-Ausstouss erofgeet an d'EU seng Klimaziler (-55% bis 2030) erreecht.

Wien ass da vun deem Emissiounshandel betraff?

Ongeféier 11.000 Produktiounssiten an Europa, déi fir ronn 45% vun den Emissiounen verantwortabel sinn, si vum Emissiounshandel betraff. Dat si grouss industriell Betriber an Energiekonzerner, déi fossill Energie benotzen an domat CO₂ ausstoussen. Betraff sinn z.B. Gas- a Kuelekraaftwierker, d'Stohlindustrie, Chemiekonzerner oder Zementproduzenten. Zu Lëtzebuerg sinn ongeféier 20 Produktiounssiten betraff, z.B. d'ArcelorMittal, Dupont de Nemours, d'Chronospan oder d'Zementwierk zu Esch.

A wéi funktionnéiert den Emissiounshandel konkret?

E Betrib, den e gewëssene Volumen CO₂ ausstéisst, muss fir dëse gesamte Volumen Zertifikater hunn. Dat sinn eigentlech Verschmutzungsrechte. Als Beispill: e Betrib, deen op d'Joer 100.000 Tonnen CO₂ an d'Atmosphär bléisst, brauch 100.000 Zertifikater. Je nodeem a wéiengem Beräich de Betrib aktiv ass, krit en dës Zertifikater deelweis fir näischt (zu Lëtzebuerg vum Staat dann), de Rescht muss en kafen. Wat e méi ausstéisst, wat en och méi Zertifikater brauch. Déi zentral Iddi vum Emissiounshandel ass et, dass d'Offer an d'Demande vun dësen Zertifikater de Präis festleet. Brauch e Betrib méi Zertifikater, da muss e méi bezuelen, well e méi ausstéisst. Ginn insgesamt méi Zertifikater gebraucht, wat de Präis am Prinzip soll klammen. Sou huet e Betrib all Interessi an Zukunft manner auszestoussen. Kuerz gesot: de Marché soll dofir suergen, dass manner CO₂ ausgestouss gëtt.

An dat geschitt och wierklech esou an der Praxis?

Net wierklech. Et waren ëmmer vill ze vill Zertifikater um Marché. Doduerch war de Präis vun engem Zertifikat vill ze déif a louch déi éischt 10 Joer bei ronn 5€. Donieft hu vill Betriber de Gros fir näischt krit. Sou och z.B. d'ArcelorMittal fir de Site Schëffleng. De Staat huet hei d'Zertifikater verschenkt. De Site Schëffleng gouf dann awer zougemaach an d'ArcelorMittal huet d'Zertifikater um Marché verkaf a soumat e fette Benefice gemaach.

Mee haut ass de Präis jo awer vill méi héich!

Jo, wëll no an no Reforme gemaach gi sinn: et gi manner gratis Zertifikater an d'gesamt Zuel vun Zertifikater ass och méi kleng ginn, well d'Klimaziler jo och méi ambitiéis gi sinn. Allerdéngs ass de Präis awer och drastesch geklommen, well d'Finanzmäert den Emissiounshandel elo als Spillwies entdeckt hunn. Hedgefonds spekuléieren elo op klammend Präisser a kafen Zertifikater, obwuel se déi jo net brauchen. Se waarden op eng Präishausse a verkafen da rëm. Dës Tatsaach weist, dass mat CO₂ esou gehandelt gëtt wéi mat Aktien un der Bourse. Eleng dat misst jidderengem ze denke ginn.

An der Tripartite gouf elo entsched, verschiddene Betriber fir de Präis vun esou Zertifikater z'entschiedegen?

Genee. Engersäits sinn d'Präisser fir Zertifikater héich (täsch 80 an 90€), anerersäits ass och d'Energie grad deier. Dat heescht eigentlech, dass dat agezueden ass, wat sech gréng a liberal Verdeedeger vun dem System ëmmer gewünscht hunn. Et ass elo esou deier, dass Betriber mussen a méi ekologesch Prozesser investéieren.

Mee dat geschitt net an d'Betriber sinn och net bereet méi ze bezuelen, respektiv hir Aktionnäre sinn net bereet op säfteg Profiter an Dividenden ze verzichten. Dofir erméiglecht d'EU de Staaten verschiddene Secteuren ze hëllef, déi vu *carbon leakage* betraff kéinte sinn. Zu Lëtzebuerg huet d'Patronat net laang misste soueren, bis d'Regierung hinnen dann och dëse Kaddo gemaach huet.

An hei läit och den Hauptproblem vun dëser Mesure: e puer Wochen nodeem de GIEC-Rapport eis confirméiert huet, dass d'Emissionen drastesch a séier musse reduzéiert ginn fir zumindest nach ënnert der Limite vu +2°C Erwärmung ze bleiwen, stellt d'Regierung e Fräifahrtsschäin fir grouss Verschmotzer aus a seet quasi: D'Situatioun ass grave, mee mir maachen d'Aen zou an denke just un de kuerzfristige Profit.

Wat ass carbon leakage?

Domat ass vereinfacht eng Delokaliséierung vun der Produktioun gemengt. Wann d'Produktioun an Europa duerch den Emissionshandel ze deier gëtt, da kéinte Betriber hir Produktioun an aner Länner delokaliséieren. Et kann awer och heeschen, dass Betriber opgrond vun de Produktiounskäschten net méi an hir Wierker investéiere wëllen. Et gi méi verschidden Aspekter beim carbon leakage. Op alle Fall ass kloer, dass d'Patronat de carbon leakage ëmmer als Damokles-Schwert iwwert d'Käpp vun de Leit hält a se domat erpresst. Dobäi ass dëse Phenomeen total iwwerbewäert a bis haut leie keng Studie vir, déi carbon leakage a grouss Mooss attestéieren. Energieproduktioun ka souwiso net delokaliséiert ginn. Stohlwierker goufe scho laang virun der Zäit vum Emissionshandel delokaliséiert a bei dësem Secteur wéi och beim Zement, kann net onendlech delokaliséiert ginn, wëll des Produkter jo a grouss Mooss an Europa verbraucht ginn a soumat dann enorm Transportkäschten géifen ufalen, wann alles misst importéiert ginn.

Ass des Mesure vun der Regierung dann net totale Quatsch?

Dach. Wa lo grouss Betriber bis 2030 bis zu 75% vun der Deierécht op der Energie (hei ass deen Deel gemengt, deen duerch déi héich CO₂-Präisser am Emissionshandel derbäi kënn) vum Staat bezuelt kréien, dann ass jo dat primärt Zil verfeelt vun dësem System: klammend Präisser sollen Investitiounen no sech zéien, fir dass d'Industrie manner klimaschiedlech gëtt an och manner ofhängeg vum Import vu fossilen Energien wéi Petrol a Gas. D'Regierung hiewt elo selwer d'Graf vum Emissionshandel mat aus, en Emissionshandel, dee se awer ëmmer als Wonnermëttel duergestallt huet!

Komme mer op d'Beispill vu virun zréck. Wann e Betrib 100.000 Tonnen CO₂ ausstéisst an am Joer 2010 dofir 500.000€ bezuelt huet (also 100.000 Zertifikater fir jeeeweils 5€), da muss en haut am Schnëtt 8 Milliounen, also 16 mol méi dofir bezuelen. Wann de System elo funktionnéiere géing, da géif sech dee Betrib soen: ech investéieren an ekologesch Prozesser fir an Zukunft manner fir CO₂-Ausstouss mussen ze bezuelen. D'Suen dofir hu sou grouss Betriber och am Reegelfall. Se mussen dann hir Profiter reinvestéieren amplaz se un d'Aktionnären auszebezuelen.

Ok, dat mécht Sënn. Wéivill kascht de Staat dat dann eigentlech?

Sou wéi d'Gesetz geschriwwen ass, kéint de Staat bis 2030 500 Milliounen Euro esou un d'Betriber verschleiden, fir dass déi weider verschmotze kënnen. Dës Sue kommen aus dem Staatsbudget, deen zu 2/3 vun de Stéit iwwert d'Lounsteieren an d'TVA finanzéiert gëtt. D'Stéit ginn awer säit Méint wéinst der Deierécht scho gutt bei d'Lisette gelooss ginn, net zu lescht wéinst der Indexmanipulatioun, déi och an éischer Linn de grouss Betriber hëlleft.

déi Lénk wäerte sech also kloer géint des Mesure stellen?

Jo, dat ass evident. Se ass klimapolitesch en Desaster an och ekonomesch setzt se guer keng Weichstellung fir eng Reduktioun vun den Emissiounen. Am Géigendeel, se féiert dat weider, wat mer bis haut scho kennen: Betriber kréien d'Pollutioun vum Staat finanzéiert a mat de liberale Regierungen hei a soss an Europa ginn d'Käschte vun dëser Pollutioun vun de Lounofhängegen an de Rentner geblecht.